

Auszuch aus dem Bericht vun der Sitzung vum 19. November 2020 vun der kommunaler Integratiounskommissioun vun der Gemeng Biekerech.

Auteur: Cédric Schiltz (Sekretär vun der Integratiounskommissioun)

Bréif vum Familien- an Integratiounsministère iwver déi national Integratiounspolitik

Wisou freet de Ministère de Feedback?

De Ministère wëll dëst Gesetz nach eng Kéier iwwerschaffen. Dofir sinn d'Integratiounskommissiounen aus dem ganze Land, sou wéi verschidden Associatiounen, déi am Bereich vun der Integratioun aktiv sinn, gefroot ginn, hiren Avis zu der jetztëger Integratiounspolitik ofzeginn.

Wann d'Informatiounen bis beim Ministère sinn, wäerte Versammlungen an/oder Workshops vun hinnen organiséiert ginn. Folgend Froën goufe vum Ministère gestallt:

1. Wat verstitt dir ënnert Integratioun?

Et gin e puer Gruppen vu Leit, déi vun der Integratioun betraff sinn. Nët-Lëtzebuurger, Leit, déi nei baigezunn sinn, Frontalierën, verschidde Reliounen, etc. Et muss ee séch mat deene Wäerter, déi et hei ginn, kënnen identifizéieren. Et ass och eng Beraicherung op kulturellem Niveau fir jiddwereen a soll selbstverständléch an déi 2 Richtunge goen.

2. Wéi een Zweck soll d'Integratiounspolitik hunn?

D'Leit sollen sech an der Gesellschaft wëllkomm fillen, et geet ëm e friddlécht Zesummeliewen. D'Leit, déi z.B. nei baigepännert sinn, sollen och zu de wichtegen Informatiounen Zougang hunn, wéi zB wéi eng Veraïner et ginn.

3. Wann et ëm Integratioun geet, wéi eng Approche ass an ären Aan déi richtig?

Et soll een déi aner Persoun respektéieren, esou wéi se ass, a net jugéieren. Et soll een séch drop aloossen, fir séch kënnen auszetauschen. Et soll een e Schratt op d'Leit duergoën, fir se kënnen ze erreeschen. Dat kann z.B. sinn, eng Communicatioun an hirer Sprooch erausginn, fir een Evenement. Et soll een de Leit d'Angscht huelen, an se soumat aus hire klenge Gruppen "eraus huelen", soudass sie zu engem grouse Ganze gehéieren.

4. Wien ass bei der Integratioun concernéiert a wat sinn d'Besoin'en vun deenen concernéierten Leit?

Nët-Lëtzebuurger:

Europäer: Hinnen Dokumenter ginn an Informatiounen N et-Europaër:

Leit, déi nei baigepännert sinn: Et kéint een hinnen eppes ubidden, wat se interesséiert, wéi z.B. Aktivitéiten.

Frontalierën:

Flüchtlingen: Erklären, wéi d'Land funktionnéiert. Et wir gutt, ee Mentor fir déi Leit ze hunn, fir se ze begleeden. Et kéint een eng Fraizaitbeschäftegung organiséieren.

Fir der Idee vun der Integratioun nach méi no ze sinn, kéint een d'Leit och einfach als Biekerecher ugesinn, an "opdeelen" a Leit, déi alleng eenz ginn, a just Informatiounen brauchen, an awer och Leit, déi wëllen geleed a begleet ginn

5. Sinn eise legislativen Kader an eis Institutiounen aktuell richteg opgestallt fir op déi Besoin'en ze reagieren?

Pacte Communal d'Intégration (PCI) kantonal leeden fir eppes méi Grousses kënnen ob d'Been ze stellen. Do gouf et eng Réunioun an dëse Projet ass leider nach net en tant que tel zu staane komm.

Et sollt awer een Integratiounsbeoptragten ageballt ginn fir de Réidener Kanton, fir de Suivi vun den Aktivitéiten ze maachen an eng Bestandsopnam ze maachen, déi eppes mat Integratiounspolitik ze dinn huet.

6. Wat sinn d'Instrumenter, Measure'en a Prozeduren, déi noutwënneg sinn fir eng kohärent Integratiounspolitik op d'Been ze stellen?

Een Integratiounsbeoptragten anzustellen. Dëst misst och a noër Zukunft passéieren.

7. Wéi gesi dir d'Rollen vun de verschiddenen Akteuren: Regierung, Gemengen, Institutiounen, Fédératiounen, Zivilgesellschaft, Bierger,...?

D'Regierung muss de legislative Kader ginn, deen och praktikabel ass. D'Gemengen sinn um Terrain, also noo um Bierger. D'Verainer kënnen Manifestatiounen organiséieren. Associatiounen sin d'Lobby vun de Net-Lëtzebuurger. Bierger musse vu sech aus Bereed sin, fir a Kontakt ze trieden. Den Informatiounsfloss muss natierléch bestoën, fir dass dat Ganzt funktionnéiert.

A Punkto Schoulen gëtt et zB de Problem zu Uewerpallen, wou vill belsch Residenten sinn, déi hir Kanner an der Belge an d'Schoul schécken, an d'Gemeng doduerch leider guer kee Kontakt mat dëse Leit huet.

Par Conter ginn et och vill Leit, déi an der Belge wunnen, déi hir Kanner am léifsten hei géifen umellen, fir hinnen d'Zukunft méi einfach ze maachen.

Am Minett ass et beispillsweis méi schwierig, fir portugiesesch-sproocheg Kanner an de Gemengen ze intregéieren, wéi z.B. hei zu Biekerech, wéinst dem Portugiesesch, dat do vill verbreed ass, an d'Kanner nët esou den Besoin hunn, Lëtzebuergesch ze léieren.